# CABARET "FRÉIER WOR ALLES -"

## Vendredi 29 avril 2022






# MONDORF-LES-BAINS

**Où** : Bierger- a Kulturhaus
**Horaire** : 20h00

**Org.**: Administration Communale et sa Commission de la Culture et du Patrimoine

**Entrée gratuite**

**Plus d'informations :**
Email : info@visitmondorf.lu
Tél.: 23 66 75 75

visit mondorf

Mondorf-les-Bains
#visitmondorf

Gemeng Munneref

175 ans THERMALISME MONDORF-LES-BAINS

# " Fréier wor alles – "

**eng satiresch Chronik vun de 6oer Jore bis haut**
**vun a mam Jhemp Hoscheit a Jules Arpetti**

An dësem satiresche Programm, dee bis elo vum Januar 2020 véierzeng mol – mat Ënnerbriechungen – mat groussem Publikumserfolleg opgefouert gouf, kucken déi zwee Artisten och 2022 op eng virdigital Zäit zréck.

No den zwee politesche Joresréckblécker "Sorry fir den Duercherneen" (2017) a "Märd alors!!!" (2019), ass dës nei kabarettistesch Liesung e witzegen, ofwiesslungsräichen zäithistoresche Réckbléck vun de 6oer Jore bis haut. Vum Analoge bis zum Digitalen: Vum Schlappekino bis zum Netflix, vum Haustelefon bis zum iPhone, vun der Musekcassette bis zum Streaming, vum Thé Dansant bis zur Technoparty, vum Homo erectus bis zum Smombie.Vu Bonanza bis zum Game of Thrones.

Humor, Ironie a Wuertwitz verbanne sech mat enger Dosis Nostalgie. Vergaangenes gëtt awer net nëmme just opgewiermt, mee kritesch hannerfrot a mat Aktuellem opgekacht. Dës Zäitrees ass generatiounеniwwergräifend a jidderee ka sech op seng Manéier dran erëmerkennen. Et ass en Hin an Hier tëscht Annodazumal an dem Zäitgeescht vun haut.

De Jhemp Hoscheit trëtt am Rollespill mam Museker a Gittarist Jules Arpetti op, deen net nëmme kabarettisteschen Textinterpret ass, mee och mat de passende Songen an Oldies fir déi zousätzlech musikalesch Ambiance suergt.